N°308
Entrée le 08.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.02.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2024

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Kader vun engem responsabelen Ëmgank mat de Staatsfinanzen ass et noutwenneg, och déi finanziell Situatioun vun de Gemengen ze kennen an am A ze behalen. An deem Kontext wär et wichteg ze wëssen, wéi héich d'Gemengen am Joer 2023 verschëlt waren a wéi sech d'Pro-Kapp-Verschëldung vun den eenzele Gemenge gestalt.

Am deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung an enger Tabell – an opgeschlësselt no all eenzel Gemeng - opléschten, wéi héich d'Schold vun deene jeeweilege Gemengen am Joer 2023 war?
2. Kann d'Regierung an enger Tabell – an opgeschlësselt no all eenzel Gemeng - opléschten, wéi héich d'Pro-Kapp-Verschëldung vun deene jeeweilege Gemengen am Joer 2023 war?
3. Am Hibléck op d'Pro-Kapp-Verschëldung vun de Gemengen: Vu wéi engem Seuil u gesäit d'Regierung eng kritesch oder schwiereg finanziell Lag fir d'Gemeng?
4. Wéi eng Gemenge befannen sech aktuell an enger kritescher oder schwiereger finanzieller Situatioun?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten